


# LES SACRIFIÉS

Bulletin bimestriel de la Fédération des Victimes du Nazisme enrôlées de Force



No 4/1989  
Juillet/Août

28e année

Fédération :  
9, rue du Fort Elisabeth  
Luxembourg

# JOURNEE COMMEMORATIVE NATIONALE DES EDF

Dimanche, le 10 septembre 1989 (Baueresonndeg)

- 150<sup>e</sup> Anniversaire de notre Indépendance
- 50<sup>e</sup> Anniversaire de l'Entrée en guerre contre l'envahisseur nazi
- 45<sup>e</sup> Anniversaire du Débarquement allié et de la Libération du joug nazi

## Programme:

- 15.00 h: Gare de Luxembourg-Hollerich
- Dépôt de fleurs au Monument National de la Déportation civile militaire
- 15.30 h: Gare centrale de Luxembourg
- Dépôt de fleurs au Monument des Cheminots
- 16.00 h: Eglise Sacré-Coeur, Luxembourg-Gare
- Messe solennelle chantée par la Chorale des EdF
- 17.00 h: Parvis de l'église
- Concert patriotique offert par la «Garnisounsmusék» sous direction de Josy Comes
- 17.15 h.: Départ du cortège pour le «Kanounenhiwwel»
- 17.30 h.: Monument National de la Solidarité Luxembourgeoise
- Cérémonie commémorative
- Dépôt de fleurs, sonnerie aux morts
- Homélie
- Hymne National

De Fédérationscmité lued all Enrolés de Force, Männer wéi Fraen, mat hirer Famil, hire Bekannten Frënn an, den 10. September un der Journée commémorative nationale deezehuelen. Mir all sin deen sélleche Komerodinnen a Komeroden et schëlleg, eemol am Joer, an dat an aller Öffentlechkeet, hire besonnesch ze gedenken. Duerfir huele mir eis vir, den 10. September mat derbái ze sin, Ee klénge Sonndegnométtég werde mer affere kënnen, fir en eise Komeroden ze schenken, déi, oft ganz laang, virun äs aus désem Liewen ausgescheet sin.



## Anniversär = Erënnere

150 Joer laang as Lëtzebuerg alo fräi an onofhängeg. Genee war et de 19. Abrél 1839, wéi zu London den internationale Vertrag ënnerzechend gouf a Lëtzebuerg an den heitege Grenzen als Grand-Duché an d'Fräiheet an an d'Onofhängegkeet entlooss gi war.

Haut gët et nët wéineg Leit bei äis am Land, déi näitscht vun der Vergaangenheet wësse wëllen. Si gleewen, dat Gewieschtend misst nët vill Guddes gewiescht sin. Mä si sin am lirtum. A Wierklechkeet gët et keng Trennung tëschend Geschier, Haut a Muer. Hanner all Kéier an Eck gët ee mat der geschichtlecher Vergaangenheet konfrontéiert.

Enner dem «Ancien Régime» war d'Herzogtum Lëtzebuerg territorial gesin méi wéi dräimol esou grouss ewéi haut. Mam Vertrag vum Pyrenäerfridden 1659, deen den 18. Mäerz 1660 zu Lëtzebuerg publizéiert gi war, goung Didenmouwen, Montmédy, Damvillers, Ivoy, Chavancy a Marville mat deenen derzo gehéirege Gebidder u Frankräich. An deem Beräich lougen déi fruchtbarst Länneren vum deemolegen Herzogtum Lëtzebuerg. Dësen eischte Partage war e schmierzleche Verloscht fir de Rescht vun de Lëtzebuerg.

Nom Kongress vu Wien, am Joer 1815, gouf d'Herzogtum Lëtzebuerg eng zweete Kéier gedeelt an et gouf dat nei Groussherzogtum. Deemols haten d'Preise verlaangt, de ganzen Territoir vum Herzogtum ze kréien. Mä si kruten dann awer nëmmen 1/4, an zwar d'Regioun deisäit der Musel, der Sauer an der Our. Dat waren d'Gebidder vu Bitbuerg, Neierbuerg a St-Vith. Zu gläicher Zäit kruten d'Lëtzebuerg den hollännesche Regime, dee vu 1815 bis 1830 gedauert huet.

D'Joeren tëschend 1830 a 1839 ware fir d'Lëtzebuerg net nëmmen eng droleg, mä eng allerhand koppeg Iwwergangszäit. De 25. August 1830 goung déi belsch Revolutioun un. Knapp zwéi Méint no de Breisseler revolutionären Evénementen steet de ganz Grand-Duché mat Ausnahm vun der Haptstad, der Festung, am belsche Camp. Deemols waren eis Fiiruren op en Hoer belsch gin. Lëtzebuerg stong ënner belscher Administratioun. Mä d'Haptstad nët. An et goung alles d'ënnescht an driwwer.

### Inhalt

- Für euch gelesen
- Eng verluerne Jugendzäit
- Nationalfeierdag op eis Manier
- Promenade surprise
- Nationalkongress, Rapport
- Aus eiser Agenda

Fédération des Victimes du Nazisme Enrolés de Force, Association sans but lucratif  
Sieg: Luxembourg, 9, rue du Fort-Elisabeth, - Boîte postale 2415 Luxembourg-Gare.

C.C.P. 31329-95

Banque Intern.: 5-217/4546

Rédaction du bulletin bimensuel «Les Sacrifiés, Luxbg., 9, rue du Fort-Elisabeth,

Boîte postale 2415

1024 Luxembourg

Service social aux Enrolés de Force, 9, r. du Fort-Elisabeth, Luxembourg-Gare

Téli.: 48 32 32.

L'Association des Parents des Déportés Militaires Luxembourgeois, Secrétariat: 9, rue du Fort Elisabeth, Boîte postale 2415, Luxbg-Gare - l'Amicale des Anciens de Tambow, Secrétariat: Kleinbettingen, 14, rue de Kahler, ccp 24007-48 - l'Association des Enrolés de Force Victimes du Nazisme, Secrétariat: Luxbg, 9, rue du Fort Elisabeth, B.P. 2415, Luxbg-Gare, ccp 31 324-90 - Association des Survivants des Enrolés de force, a.s.b.l., Siege: Luxbg, 9, rue du Fort Elisabeth, La correspondance est à adresser à Mme Josée Reef, 11, rue de Moutfort, L-5355 Oetrange, Téli.: 350 14. Impr. Hermann, B.P. 1610 Luxbg

## «Héier déi fir dech gestriden, stin nees op aus hirem Graf!»

Esou heescht et am Liddertext vum Siggil vu Lëtzebuerg. Muséik vum Jean-Pierre Beicht (Eist Teilbild). Wat wir all dat Gefeiher wärt, wa mer all déi sëllege, brav an trei Lëtzebuergere vergessen déiten, déi fir d'Erhale vu Fräiheet an Onofhängegkeet vum Lëtzebuerg Land hier Liewen hiergin hun?

Gewëss, kee vun deene sëllichechen doudegen Helde kloret aus dem Graf. Mä hire Geescht, dee Geescht, dee si an Zäite vun Ennerdrekung an Terror beséit hat, dee steet zu jidder Zäit virun eisem geestegen A. Hier ongeheler Leeschtongen, hier Verdéngschter em eis Heemecht d'ärfte ni vergiess gin. Fir datt et nëm heescht: «Aus den Aen, aus dem Häärz.» — duertember 1989 nomëttes an der Haptstad zesummen, fir, vereent mat alle Lëtzebuergere, déi sech äis uschlëssen, deenen dausende vu Matbierger an déiwer Trauer an Dankbarkeete gedengemen, déi v'ru méi wéi 45 Joer mat äis fir d'Heemecht gelidden, a gestriden hun, dobäi hier Liewe gelosch hun oder spéider un de Folge vun Erliiddenen fréizäiteg gestuerwe sin.

D'Erënneren as esou wäit gefächert, wéi de Mënsegeescht reecht. Déi iwwerliewend, goudeemols am Krich u Leif a Seil gezecheend, goufen, si an all déi rondrém si vergiessse ni.

Erënneren as fir de Mënsch e beräichern Element. Dobäi ste bleiwe wir equivalent mat Versenken an der Hoffnungslosigkeit. On Hoffnung kann de Mënsch nët liewen. All déi dausende Lëtzebuergere hun hier Liewen hiergin an der Hoffnung, datt hir Affer vu Notze fir Vollék a Land wäiren.

No der grousser Apokalyps vu 1940 bis 1945 sin all déi, déi iwwerliewt haten, résolt dru gaaugen eist Land am Geescht vun deenen doudegen Helden erëm opzebauen. An eiser Welt, wou alles stéits a stänneg a Beweegung as, muss jiddereen mat upaaken, do wou e grad steet. Och muss en dageelech oppassen an derfir suergen, datt déi Fräiheeten, vun deene mir esou laregament profitäre, erhale bleiwen, an dat am Geescht vun eise Lëtzebuergere Helden, déi sech fir d'Fräiheet algeméng geaffert hun.

## «Héier déi fir dech gestriden, stin nees op aus hirem Graf!»

De Geescht vun all eisen Helden soll äis Guilde sin an all eise Denken, Striewen a Schaffen. Hier Geescht muss em äis e Brudderband schloen. Eréischt dann, wa mer et esou halen hu mer aus der Vergaangenheet geléiert, an déi sëllege Affer vun deemols an aus aller Vergaangenheet ware nët emssoss. A ——— feieren d'ärfte dann och.

H.R.

Wéi et dann de 19. Abréil 1839 zum Londoner Vertrag koum, huet de Grand-Duché e weidere, drëtten territoriale Verloscht müssen hinuuelen. En Territoir vun 4.320 km<sup>2</sup> mat 160.000 Awunner as un d'Belsch gaang.

Domadde war dann elo de Grand-Duché a sengen heitege Grenze geschaaten. Eng eischt lëtzebuergesch Constitution gouf et den 12. Oktober 1841. Zwee weider Grundgesetzter hat eist Land, an zwar déi vun 1848 an 1856, bis mer dann d'Constitution vun 17. Oktober 1868 kruten, déi mer nach haut a modifizierter Form hun.

Mat dësem kuerzgeschichtleche Rückbléck soll hei drun ernéiert gin, wat de Grund vun deem 150. Anniversär as, dee mer elo am Joer 1989 begin. Zënter 1839 liewen d'Lëtzebuergere an engem Land mat Statsgrenzen. Mä zu enger Nation sin se no 1839 nëmme ganz lues a lues zesummegeewes. Am Ufank hun eis Fiirfuren an engem armen, ennerentwéckelte Land geliewt. Mä schon an der Zäit vun zwou Generatioune war e gewëssend Nationalgefill gebuer a verdéit gin.

Wat mir Lëtzebuergere am Fréijoer 1939 gefeiert hun, war ganz sécher nët d'Deelung vun Land, mä d'Gebuert vun eisem Ländchen. Duurch dräi Kriecher erduerch huet d'Heemecht missen erhale gin. Dat war de franséisch-däitsche Krich 1870-1871, deen d'Fransouse verlor haten; et war den I. Weltkrich 1914-1918 an dann dee schrecklechste vun allen, den II. Weltkrich vu 1939-1945.

E 75. Anniversär as den Ausbroch vum I. Weltkrich. Dat war den 1. August 1914.

E 50. Anniversär as den Ausbroch vum II. Weltkrich. Dat war den 1. September 1939. No der «dröle de guerre» gong fir äis Lëtzebuergere de grouse Misär den 10. Mee 1940 un, wéi dem Hitler seng Nazi-Wehrmacht iwwer eist Land ewechgestiwelt as, a wéi am Gefolleg vun hir déi giel a bronng Pescht sech an eisem Ländche festgesaat a breet gemaach huet.

Een anere 45. Anniversär as d'Liberatioun vun Lëtzebuerg. Den 10. September 1944 sin d'amérikanesch Truppen an d'Haptstad ageréck. D'Leit heilheem hu geljubt a gefeiert. Endleche ware si der verfluchener Nazi-Pescht lass. Mä datt schlëmmst sollt nach eréischt kommen. D'Preisen hun z'rückgeschloen mat der Rundstedt-Offensiv. Wéi déi ofgewiert war, louch eist Eisléck a Ruinen.

Nach vill schlëmmere ergong et den zwangsrekrutierter Meedercher a Jongen. No dem Liberatiounsdag gong fir si dat groust Stierwen eréischt un. Eleng an deene néng Méint, déi et nach gedauert hat, bis den II. Weltkrich mat der bedéngungsloser Kapitulation vum 3. Räich zu Enn war, si méi wéi véiermol méi jonk Lëtzebuergere em d'Liewe kom, wéi der bis zum Datum vum 10. September 1944 dout waren.

## Für euch gelesen:

Unter dieser Rubrik werden wir demnächst über Mitteilungen berichten, die für einen Teil unserer Mitglieder allemal interessant sind. Wir bitten Sie dringlichst dieselben genau zu lesen, eventuell aufzuheben um sie später vielleicht zu gebrauchen. Der Sozialdienst der Zwangsrekrutierten, der jeden Donnerstag von 14 bis 18 Uhr geöffnet ist, gibt Ihnen im Bedarfsfall weitere Auskünfte über die eminent wichtige Pflegezulage. Die dazu erforderlichen Antragsformulare sind ebenfalls dort erhältlich.

Wer im Sozialdienst vorstellig werden möchte, sollte donnerstags zwischen 14 und 18 Uhr per Telefon Nr 48 32 32 einen Termin mit dem Kameraden René Didier vereinbaren.

Nachstehend nun unser erster Beitrag betreffend die sogenannte Pflegezulage, die ab dem 1. Juni dieses Jahres gewährt wird.

### Bedingungen:

Das Gesetzprojekt sieht folgende Elemente vor: Um in den Genuß der Zulage zu kommen, muß die ältere Person

- wenigstens 65 Jahre alt sein,
- als medizinischer Pflegefall, trotz medizinischer Pflege, auf die permanente Hilfe einer Drittperson angewiesen sein (ob jemand ein medizinischer Pflegefall ist, wird — aufgrund eines ärztlichen Attestes und eines Berichts der Sozialheiferin- von der für Pflegefälle zuständigen Regierungskommission festgestellt),

— über ein Einkommen von weniger als 2,5 mal den Referenzmindestlohn (z. Z. rund 74.700 Fr. verfügen,

— in Luxemburg wohnen und während der vergangenen 15 Jahre wenigstens 10 Jahre in Luxemburg gewohnt haben.

### Einkommengrenzen:

Wichtig ist in diesem Kontext zu wissen, daß als Einkommen der «revenu imposable» (be-

steuerliches Einkommen, nach Abzug der Soziallasten und der steuerlichen Freibeträge) der beträftigteren Person und ihres Ehepartners in Betracht gezogen wird. Abgezogen werden lediglich die Alimentenzahlungen, die durch eine gerichtliche Entscheidung oder eine Konvention geschuldet sind. Für 1989 wird das steuerbare Einkommen von 1988 gemeldet.

### Abzüge:

Die Pflegezulage wird nicht ausbezahlt, wenn die betroffene Person länger als 1 Monat hospitalisiert wird oder in einem Altersheim, Pflegeheim usw. untergebracht ist. Erhält die beträftigere Person eine Handkapierenzulage oder einen staatlichen Zuschuß im Rahmen des RMG («revenu minimum garanti»), so wird dieser Zuschuß von der Pflegezulage abgezogen.

### Antrag stellen:

Um eine Pflegezulage zu erhalten, muß man einen Antrag beim Gesundheitsministerium stellen. Auf Wunsch der Interessenten wird der Sozialdienst der Zwangsrekrutierten dies tun. Tel. 48 32 32 an jedem Donnerstag von 14 bis 18 Uhr.

Aufgrund des ärztlichen Attestes und des Berichts der «assistante sociale» entscheidet dann eine dem Gesundheitsminister unterstellte Kommission, ob dem Antrag stattgegeben wird. Mit dem Antrag auf eine Pflegezulage entsteht zugleich auch der Anspruch auf ein Pflegebett, und zwar sobald der Antrag bewilligt wurde.

### 10.000 Fr. monatlich:

Die Pflegezulage — 10.000 Fr. — monatlich, steuerfrei- wird an jene Person ausbezahlt, die sich effektiv um die Pflege der älteren Person kümmert. Die Pflegezulage muß zurückbezahlt werden, wenn sie aufgrund von falschen Angaben von seiten des Antragstellers bewilligt wurde.

Mitgeteilt vom Sozialdienst der Zwangsrekrutierten,

R.D.

## Eng verluere Jugendzeit

Als eischt Reaktioun koumet zu Streiks an de Schoulen, Schmelzen a Fabriken.

De Chef vun der preisescher Zivilverwaltung Gustav Simon, huet grausam reagiert, hien huet Standrecht agefouert. Déi eischt Lëtzebuergere hu missen hier Liewe loossen. Himne get all Joer den 2. Septembeer geduecht, dat säit dem Enn vum Krich.

Bei den Zwangsrekrutierten waren 3.500 Doudeger ze bekloen, aaner 5.000- gouwen verwondt.

Iwer 3.500 Refraktären an Déserteuren hun sech der »Wehrmacht« entzunn, op si gouw no Uweisung vum Gauleiter Gustav Simon Jued gemaat, keen vun deene »Fahnenflüchtigen« dierft de Krich iwerliewen.

Besonnenes daat Gemetzl vu Sonnenburg an Dietz an der Lahn sin doroper hin erfollegt.

#### **Daat soll nët vergiess gin.**

Am Joer vun den 150 Joer Onofhängegkeet, sin am ganze Land Feierlecheeten ugelaat. D'Zwangsrekrutiert aus der Gemeng Suessem hun den Entschluss gefaast, dat een virum Feieren sech soll deenen erënneren, wou hier Jugendzäit verlour hun, hir Gesondheet an hiert Liewen an den Dengsch vum der Heemecht gestallt hun, alles fir Lëtzebuerg an den neie Generatiounen d'Fräiheet ze ernaalen.

#### **Eng imponant Feier**

Den 13. Mee 1989 waar et esou wäit. Iwer 500 Leit, aus alle Schichten an Altersgruppen hu sech zu Zolwer op »Scheierhaff« zu enger Gedankefeier fir all Krichsaffer zesummefond.

E passenden Dekor mat dem Landesembleem a Wappen, a Schrëftband «1940-1945» Erënnerung un all eis Krichsaffer» huet zur Besënnlechkeet gefouert.

Am Mëttelepunkt en Altor, doniewt d'Musekgesellschaften an d'Gemengeveräiner aus der Gemeng.

Dem géigener Iwer um Parkett ronn 400 Gäscht an Eieregäscht.

Ënner himnen de Minister Jean Spautz, den député-maire Melty Greisch, d'Schäffen Gusty Klein a Raiphe Krier, d'Gemengerët, den Eiereguermeeschter Roger Krier, d'Vertreider vun de Syndicater an Interesseveräiner. D'Euro-padeputéiert Marcelle Lentz, de Landespräsident vun den E.d.F., Jos Weirich, d'Membre vun Comité Central, vum LRL de René Guirsch, vun den Survivants Mme Reef, Mady Nurenberg vun den «Anciens de la Résistance», d'Amicale Ungeheuer, déi vun Tambow, doniewt Nopeschtiounen, sämtlech Lokalveräiner an Aarbechter a Beamten vun der Gemeng Suessem.

Op de Räng hu weider Gäscht un de Feierlechekeet deelgeholl.

D'Feier gouw mat dem Klackespill vun der Zolwer Kiirch (op Tounband) agelaat, d'Fändelen vu méiwéi 20 Veräiner gouwen eragedroen an hu sech hanner dem Altor opgestallt.

Eng feierlech Mass gouw vum Här Paschtouer René Reiffer gehaalen. Hien gouw assistéiert vun den Hären Paschtéier Malget vun Eilereng, Klein vu Suessem an Hamus aus dem metzerlach.

Den Här René Reiffer huet seng Usproch mat de Wiederer »Et soll nët vergiess gin datt Mënsche geliddend hunn, et soll nët vergiess gin« ugefaangen.

Weider Ausféirongen waare Fridden, Fräiheet a Mënscherechter.

De Präsident Greg Heinen huet alle merci gesoot déi derbäi waaren, an en huet och d'Gäsch aus dem Frankräich, de Buergermeeschter René Chevremont mat de Schäffen aus Réiden begreist.

A senger Usprooch koom hien op d'Joer 1989 an all déi Feierlecheeten am ganze Land zu schwätzen. D'Enrôlés kourcen zur Décisioun, datt virun alle Feieren deenen misst geduecht gin, wou hiirt Liewen fir d'Fräiheet gihun.

De Greg Heinen huet uschléissend d'Onofhängegkeet aus der Siicht vun den Zwangsrekrutierten während deenen vergaangenen 150 Joer analyséiert, koom op d'Repressalien an dé Zäit fiirt Lëtzebuerg Jugend ze schwätzen.

Den Tribut war grouss awer hoffentlech në emsoss, esou de Greg Heinen, eer hien all Affe aus der Gemeng Suessem opgezéit huet.

De Buergermeeschter Metty Greisch huet all Gäscht wellikomm geheesch, huet iwer déi 14 Feieren an der Gemeng bericht, den Uwiesenden huet hien merci gesoot, ewéi och fir dé schéi Mass an treffend Priedegt. De Musekgesellschaften a Gesangveräiner soot hien merci fir d'Uerschëinerong vun de Feier.

Ueschléissend huet de Metty Greisch un dé uerreg Zäiten vum Krich erënnert.

D'Musekgesellschaften an Gesangveräiner hu vill zur Verschëinerung vun de Feieren bäigedroen.

D'Gedicht »Ons Jongen« vum Roby Siudé gouw magistral vum Mireille Cruchten a Gilles Dazzan, aus dem Lycée Hubert Clement viirgedroen.

Duerch d'Feier huet d'Alphonsine Gerard gefouert, an d'Virarbecht gouw vum Comité a vun de Membere geleescht.

Am ganzen gesin eng Feier déi ët derwärt wiir méi ewéi nëmmen eemol gehaalen ze gin.

Metty Reinert  
**Geschrive fir den 150-Joer-Jubiläum vun eisem Land sénger Onofhängegkeet.**

#### **Ons Jongen**

*Ons Jongen sin all gued fir d'Land,  
si hu vum Krich hir e Legat,  
si fir séng Fräiheet de Garant,  
't as hiren etheschste Mandat.*

*Si hun am plaz e Jugenddram  
vu Gléck a Léift eng Heil duerchfla,  
mä d'Heimecht wor hir Liewesflam,  
't wor d'Wäermt fir d'Häerz, 't wor hire Glaf.*

*De Bléck vu fäir op heem gericht  
gouf Onse Jongen hir Moral,  
't wor wi am Stuurm dem Phare säi Licht,  
't wor wi e Guide, 't wor e Fanal.*

*Op Knéien huet onst Land gebiet,  
d'ganzt Vollek gang op d'Barrikad,  
't huet sech géint d'Iwwermuecht gewiert,  
mam Streik Exempele gesat.*

*D'Vergangenheet as nët vergaang,  
si as dee schéinsten Agentum:*

*Erënnerung as éiweg-laang  
als engem Land säin Hellegum.*

*Et as wi Zäiten, déi vergin,  
wi Hecken, déi am Hierscht verbléien  
a Méint drop nees voll Liewe sin,  
Millioune Knäpp a Bléie kréien.*

*D'Vergangenheet as nët vergaang,  
en huet séng Charge schon ugefaang,  
als Fräiheits- an als Friddensreider.*

siuda robert


## **Nationalfeierdag op eis Manéier**

vun den Sektoune Dikrich a Wolz

Wéi viru kurzem an enger Comitëssetzung dee Punkt op d'Tapéit koom, eis Traditioun vum Pelerinage op Hinzert den 23. Juni beizebehalten, waren deen ischte Moment d'Meenonge gendeelt. Wou kënnen mir op deen Dag, wou eis Gemeng eng ganz Rei vu Lokalfeierlecheeten organiséiert, eis Stad verloossen? Mäis no kuerzer Analys an Diskussioun huet d'Erkenntnis sech duurchgesat, datt et grad an dësem Jar vum 150. Anniversaire vun eiser Onofhängegkeet wichtich as, eiser heiliger Pflicht nozokommen an un déi ze denken, deene mir schlüßendlech an d'Erhalen an d'Weiderbestoe vun eiser Onofhängegkeet verdanken.

Wa mir et gewosst hätten, mir hätten eis iwerhaapt keng Gedanke brächten ze maachen, eventuell bei eise Gemengautoritéiten unzeschouwen, weil déi hun sech eis vis-à-vis sech rücksichtsvoll gewies, datt sie eis bei all deene Lokalfeierlecheeten keng Verpflichtungen operuegt hun, weeder beim Emplank vum lergrouserzogliche Puer, nach beim Eirewäin duerno, nach beim Fakeizug, nach beim Volleksfest op der Kluuster, nach beim Te Deum. Sou konnte mir bei all deene Manifestatiounen bescheiden am Hannergrond bliewen an nokucken. Wa mir äis dofir fir dat rücksichtsvoll Verhalen vun eise Gemengautoritéiten a vun der Kulturkommissioun als »ale Borschte« genenier bedanken, sou musse mir dach eise Membere versécheren, datt op kee Fall bei engem déi Meenong duert opkommen, mir wären als quantité négligeable ueder als iwwerflësseg betruuecht gin.

Sou hate mir also d'Hänn frei, de Geest bereet an d'Häerz op fir eisen traditionnelle Pelerinage op Hinzert. Mir haten dobei datt groust Gléck, datt ee ganzen Autocar voll vun eise Wolzzer Kollege matgemaach hun, sou datt mir zu iwer 80 Persounen den Erënnerungsgank untriede konnten.



Mat Bedauern hu mir festgestallt, datt an der Kapell Restauratiounsarbichten am Gaang waren, sou datt mir do netrakomm sen. Wéi all Jar war eise grousse Frënd, den sympathischen Generalsekretär vun der Amicale vun Hinzert, den Här Josy Schmitz op der Bresch, fir eis, a besonnmisch eise Wolzer Frënn, déi fir d'eischt dobei waren, mat Sachkenntnis an enger gewëssen Emotioen d'niiddig Erklärungen ze gin.

Wéi all Jar hu mir beim Hinzterter Kränz Blummen netergeluegt, an hei war och d'Geleênheet, wou een Dikricher Comitesmember d'Wuert ergraff huet an zu denen op der Trap virum Kränz andächtigt versammelte «Mädercher a Jonge» folgendes gesot huet:

Léif Frënn,

Léif Komerodinnen a Komeroden!

Ech emfannen et als eng luewenswert a glécklich Initiative vun eisen Amicalen, datt mir eisen Nationalfeierdag als Gedenktag optasen. Grad an deem Jar, um 150-järegen Anniversaire vun eiser Onofhängegkeet kritt dee Gest eng erweidert Dimension. Well déi Onofhängegkeet, déi virum 150 Jar proclaméiert gouf, déi viru 50 Jar mat Begeesterong, mat Glanz a Jubel gefeiert gouf, déi hun a schwéierer Zeit déi Lëtzebuerger Victime vun Hinzert ënnermauert, sou wäertvoll, an ech géif gäre soën, onstierflech gemaach. Well dat muss eng wäertvoll Saach sën, fir déi souvill geliden a geaffert gin as. Dat muss eng wäertvoll Saach sën, fir déi Lëtzebuerger hiirt Liewen, hir letzt Dréps Bludd hergin hun.

Jo, 't as eppes Wäertvolles, eise Heemecht, dat Land, fir dat mer géif heinidden alles won. An hei zu Hinzert verst mir déi Wiirder besser, déi vun eiser Heemecht son:

*Eise Heemecht, dat as d'Fräiheetsléift,  
e Glawen un ee Rechi.  
Et as den Haass géint alles dat,  
wat falsch as a wat schlecht.  
't as d'Toleranz an d'Mënschlechkeet,  
't as d'Hëllef an der Nout  
't as d'Hale, wat en huet versprach  
't as d'Trei bis an den Dout.*

Jo, d'Heemecht as sou eppes Wäertvolles, sou eppes Grousses, sou eppes Helliges, datt mir si rouig mat aner deele kënnen, ouni datt si u Wäert verléiert.

Jo, d'Heemecht as ee fir allemol: A Fridde liewe kënnen. An een aneren Dichter huet an deem Moment, wou een aus der Heemecht rausgerappt gi war, déi Wieder her geschriewen:

*O d'Heemecht as sou wéi, sou wait  
an dach bei mir a mëngem Hierz.  
Wat mat den An een net geseit,  
d'Seil fillt et dach mat seligem Schmierz.*



Refrain:

*A sin och friem hei Sprooch a Lidd,  
a menger Seil do kléngt eng Weis,  
déi éiweg téint jo frei a spitt  
a Liewe gët mir op eenets.  
Jo, Lëtzebuerg, dat as mei Lidd,  
meng Weis as sein hellige Fridden  
déi sangen ech a gin net méidd, dat soll mein  
Himmel sen heinidden.*

*An all mein Denken, all mei Striewen,  
mei Bieden all an all méng Suerg,  
gehéiert jo nët dësem Liewen,  
dat as doheem zu Lëtzebuerg.*

Refrain:

*A sin och friem hei Sprooch a Lidd,  
a menger Seil do kléngt eng Weis,  
déi éiweg téint jo frei a spitt  
a Liewe gët mir op eenets.  
Jo, Lëtzebuerg, dat as mei Lidd,  
meng Weis dat as sein hellige Fridden  
déi sangen ech a gin net méidd,  
dat soll mein Himmel sen heinidden.*

Jo, wéi kënnen mir eisen Nationaldag, wéi kënnen mir den Anniversaire vun eiser Onofhängegkeet besser feieren, wéi mat engem Pëlerinage op Hinzert. A sou wëlle mir eis Léift zur Heemecht, an eisen Dank un déi, déi d'Heemecht sou gären haten, zum Ausdrock brénge, mam Sang vun der HEEMECHT

Sou ergreifend wéi seelen huet eis Nationalhymn iwwer déi Hinzterter Gewan geklungen,

iwwer d'Griewer weg, iwwer déi friddlich Landschaft mat hire Wiesen a Stécker bis zum Hunsrücker Bësch am Fong, a mir hu gespuert, datt déi Wiirder richtig sen, déi am Faltblad vun der «Landeszentrale für politische Bildung Rheinland-Pfalz» iwwer Hinzert steet: «Der Friede dieses Ortes täuscht!»

Vun dëser Täuschung hu mir och eppes matkritt, wéi mir d'Gedenksteng an d'Griewer an den Hinzterter Bësch besiche gaange sen.

Virum Gedenksteen fir déi beim Streik erschosse Grevisten huet den Sekretär vun der Wolzer Sektioen ënner anerem och e puer Gedenkwiirder fir déi Wolzer Helden gesot, déi beim Generaistreik durch Nazikugelen ermuerd se gin. Hien huet a senger Ried awer och drop hingewisen, datt dat faschistig Gedankgutt nach a verschidde Geeschter heemlich weidergloust an nach méi wéi bei eis an eisen Nopischlänner geleentlich opflaamt. Hien huet eis all opgeuedert, eis Aën opzehalen an deem mat all eise Mëtelen entgegenzuetrieden.

Virum Grav vun denen 23 Lëtzebuenger Resistenzler huet den Här Schmitz dermoossen ergreifend Wiedererfont, datt et richtig duurch eis gaang as.

A wi mir eise Wolzer Frënn Äddi gesot hun an Hinzert verlooss hun, du ware mir nach eng Zeitalang mat eise Gedanke bei deem, watt mir gesin an héiren haten an 't as eis ee Gefill vu Merziwermom, datt ech net besser ausdrécke ka wéi mat de Wiederer, déi op der letzter Statioun vun eisem Kränzwee verëiwigt sen:

«Ons Jonge soe Merci

*Merci  
de Familien, déi eis Jongen ënner Liewensgefar verstoppt hun*

*Merci  
de Resistenzler, déi fir d'Jonge gestreikt a geschafft hun,*

*déi fir si an d'Konzentratiounslager an an den Dout gaange sen*

*Merci  
de Passeuren, déi si an eng Stopp an iwwer d'Grenz gefouert hun*

*Merci  
den Alliéierten, déi hinnen d'Fräiheet erëmgin hun  
Merci alle Lëtzebuenger, déi fir si gebaangt a gebiet hun».*

D'Amicale «Ons Jongen» Dikkerich





## Promenade-Surprise

«Mèi jonk komme mir nèt mèi beieneen!» — Das war der Titel, den unsere Diekircher Kameraden dem Einladungsschreiben zur Teilnahme am zur Tradition gewordenen «Trèppeltour», der Zwangsrekrutierten vorangesetzt hatten. Stimmt vorerwähnte Feststellung allemal, ist sie darüber hinaus angetan zu melancholischen Überlegungen.

Wenn von Tradition die Rede ist, kann damit nur die längere Vergangenheit gemeint sein. Je weiter wir Zwangsrekrutierte in die Jahre kommen (die Ältesten sind im Begriff ihr siebzigstes Lebensjahr zu beenden) desto größer wird die Vergangenheit. Längst dahin ist die Jugendzeit — und vieles andere auch — eine Jugendzeit, die für uns Zwangsrekrutierte keine war. Innerhalb weniger Jahre waren wir vom Kinde zum ausgelachten Mann geworden; mußten unter widerwärtigsten und schwierigsten Umständen in die heimatische Gesellschaft zurückfinden, um überhaupt einigermaßen bestehen zu können.

Dieser «Trèppeltour» von den enrôlés de force hat eine Vergangenheit. Mit Wehmut denkt man an die ersten Treffen dieser Art zurück, wovon das erste am 24. Juni 1973 in Diekirch stattfand. Seitdem sind annähernd 5 000 Frauen und Männer aus unseren Reihen verstorben. Die regressive Beteiligung an der «promenade-surprise» wurde uns am 2. Juli 1989 in Diekirch so recht zum Bewußtsein. Sie fand dort bereits zum dritten Mal statt. Halten wir für einmal die sammelgefaßte Beteiligungsquoten der fünf letzten Jahre fest: 1985 waren es in Bettemburg 34 Gruppen mit 200 Personen; 1986 in Diekirch 34 Gruppen mit 160 Personen; 1987 in Monnerich 37 Gruppen mit 174 Personen; 1988 in Dü-

sidenten der «Fédération V.N.E.F.» vertraten den Nationalpräsidenten Jos. Weirich, welcher dieses Jahr wegen eines Auslandsaufenthaltes auf die Teilnahme an der «promenade-surprise» hatte verzichten müssen.

